ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 27. August 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister an un den Här Mobilitéitsminister weiderzeleeden.

D'Regierung huet an hirer Ëmweltpolitik bis elo ëmmer de Prinzip vum "pollueur-payeur" vertrueden. Dëse soll deemno garantéieren, datt Leit, déi duerch hire Gebrauch vun enger spezifescher Energiequell méiglech negativ Konsequenzen op d'Ëmwelt verursaachen, och finanziell fir d'Konsequenze vun dësem Schued opzekommen hunn, esou datt dës Käschten net op d'Allgemengheet ofgewälzt ginn. An deem Kontext stellen sech elo awer och eng Rei Froen am Hibléck op d'Notze vun der Elektromobilitéit. Rezent huet op en Neits en Elektroauto gebrannt, dee mat groussem Opwand vun den involvéierte Pompjeeën an e Container huet missen deplacéiert ginn, fir en do mat groussem Opwand ze läschen. Dës gréisser Asätz vun de Pompjeeën hunn iwwerdeems net seelen Auswierkungen op de Verkéier, wann z.B. Stroossen oder soss ëffentlech Plazen temporär fir de Verkéier musse gespaart ginn.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Ass d'Regierung sech dem groussen Opwand - ëmweltméisseg a finanzieller Natur - bewosst, deen d'Läsche vun engem Elektrogefier mat sech zéie kann?
2. Misst an den Ae vun der Madamm Ëmweltminister an dem Här Mobilitéitsminister an deem Kontext - ganz an der Linn vum Prinzip vum "pollueur-payant", deen d'Regierung vertrëtt - net och fir Gerechtegkeet gesuergt ginn, datt effektiv och just d'Notznéisser vun der Elektromobilitéit fir eventuell Schied opzekommen hunn, esou datt dës net op d'Allgemengheet ofgewälzt ginn?
3. Wa jo, wéi wëll d'Regierung elo konkret virgoen, fir e System op d'Been ze stellen, dee garantéiere soll, datt d'Käschte vu méigleche Schied duerch d'Elektromobilitéit net op d'Allgemengheet ofgewälzt ginn?
4. Wann nee, wéi ass et an den Ae vun der Regierung ze rechtfäerdegen, datt just am Beräich vun der Elektromobilitéit de Prinzip vum "pollueur-payant" ausser Kraaft gesat gëtt? Ass dëst net eng Ongerechtegkeet am Hibléck op d'Allgemengheet vun de Bierger, déi fir hiren Deel jo och nom Prinzip vum "pollueur-payant" finanziell belaascht ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten